N° 4847
Reçue le 12.08.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.08.2021

CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 13. Abrëll 2021

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede ech Iech dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

An engem Bäitrag op RTL gouf e Virfall, dee sech virun 3 an engem halwer Joer zu Lausduer zougedroen huet a bei deem, ee Polizist ëm d'Liewe koum, an eng Polizistin liewensgeféierlech blesséiert gouf, opgeschafft.

Am Reportage gëtt e.a. drop verwisen, dass et innerhalb vun der Arméi ee Service gëtt, dee sech ëm déi Hannerbliwwen vun sou trageschen Accidenter, këmmert. Eppes wat et aktuell an der Police an där Form net géif ginn.

Ech wéilt duerfir folgend Froen un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet stellen :

- Kann den Här Minister dës Informatiounen confirméieren ?
- Wéi ass d'Prise en charge vun Hannerbliwwenen bei der Police organiséiert ? Iwwer wéi eng Dauer hunn Hannerbliwwener « Recht » op dës Prise en charge ?
- Plangt d'Regierung den Hannerbliwwenen ee spezielle Service, ggf. innerhalb vun der Police respektiv administratiouns- a serviceiwwergräifend, zur Säit ze stellen ? A wa jo, a wéi engem Zäithorizont ?

Mat déifstem Respekt,

Léon Gloden
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 03 SEP. 2021

**Objet : Question parlementaire n° 4847 du 13 août 2021 de Monsieur le Député Léon GLODEN concernant la prise en charge de la famille de policiers grièvement blessés ou tués en service»**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri Kox

Adresse bureaux
19-21, bvd Royal
L-2449 Luxembourg

Adresse postale
B.P 219
L-2012 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

secretariat@msi.etat.lu

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'Fro n°4847 vum 13ten August vun dem éierbaren Deputéierten Léon GLODEN**

## Ad Fro 1 an 2

D'Police huet keen eegestännege Service deen sech ëm déi Hannerbliwwen vun Accidenter këmmert.

D'Prise en Charge vun den Hannerbliwwenen ass an der Police d'selwecht gereegelt wéi d'Prise en Charge vun engem Member aus der Police, deen duerch een traumatescht Evenement betraff ass.

Fir de psychologesche Volet assuréiert de Service Psychologique vu der Police a gravéierende Fäll eng primär Assistenz op der Platz. A manner grave Fäll gëtt eng differéiert psychologesch Ënnerstëtzung a Form vu psychologescher Betreiung an/oder psychotherapeutescher Ënnerstëtzung offréiert. Dës Prise en Charge gëtt och de Familljemembere proposéiert, déi fräi si fir ze entscheeden, ob se dës unhuelen oder net. Eng Ënnerstëtzung duerch den Aumônier vun der Police kann och ugebuede ginn. Des Weidere kann och eng Orientéierung u spezialiséiert extern Servicer proposéiert ginn.
Fir de statutaresche Volet sinn d'Direction Ressources Humaines an de Service Juridique zoustänneg, déi eng Ënnerstëtzung kënne gi fir déi néideg administrativ oder juristesch Demarchen ze lancéieren.
Et bestinn iwwerdeems keng Restriktiounen betreffend d'Dauer vun der Prise en Charge.

## Ad Fro 3

D'Police privilegéiert eng gutt Zesummenaarbecht tëscht deenen eenzele Servicer a plangt net fir eng spezifesch Unitéit zu dësem Zweck ze schafen.

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 247-94678

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu